esch

*Zesummen fir eng inklusiv Zukunft !*



# Eis Référentes d'inclusion

MAISON RELAIS - VILLE D'ESCH

*All Kand huet seng Plaz !*

- INKLUSIOUN
- NOLAUSCHTEREN
- ËNNERSTËTZEN
- ZESUMMENAARBECHT
- GLÄICH CHANCEN

*Verschidden, mee zesummen staark !*

## MARTINE

### Éducatrice graduée

Ech hunn meng Ausbildung am **I.E.E.S.** (Institut d'études éducatives et sociales) zum Bachelor an de Sozial- a Bezéiungswëssenschaften (Éducateur gradué) ofgeschloss.

Ech schaffen zanter iwwer 30 Joer mat Klengkanner a Kanner.

Ech schaffen zanter 1996 fir d'Gemeng Esch/Alzette an der „Crèche" an am „SEA".

## SANDRINE

### Éducatrice graduée

Ech hunn meng Ausbildung souwuel am **I.E.E.S.** wéi och an der Universitéit Lëtzebuerg zum Bachelor an de Sozial- a Bezéiungswëssenschaften (Éducateur gradué) ofgeschloss, mat der Spezialiséierung vun de „kierperlechen a geeschtege Behënnerungen".

Ech schaffen zanter 2005 fir d'Gemeng Esch/Alzette souwuel am Beräich vun der „Crèche" wéi och am „SEA".

## EIS MISSIOUN



Zanter Januar 2026 widme mir eis dem Beräich vun der Inklusioun an de verschiddene Betreuungseinrichtungen vun der Gemeng Esch.

Eis Aufgab besteet doran, d'Kanner mat an ouni besonnesche Förderbedarf am pädagogeschen Alldag ze begleeden, ze förderen an ze ënnerstëtzen.

Op dëser Aart a Weis kann d'Ëmsetzung vum pädagogesche Konzept an den Einrichtungn assuréiert ginn an d'Qualitéit geséchert ginn.

Dat setze mir jee no Zilsetzung duerch individuell Betreiung an/oder duerch Betreiung an der Grupp ëm.

Zousätzlech besteet eis Aufgab doran, d'Equipen an hirer deeglecher Aarbecht fachlech ze ënnerstëtzen an ze begleeden.

## EIS SPROOCHEN

Lëtzebuergesch · Deutsch · Franséisch · Englesch · Italienesch · Spanesch

Bei Froen oder Interesse iwwer d'Inklusioun, zéckt net eis **ze kontaktéieren !**



*Eng inklusiv Gesellschaft fänkt bei de Kanner un !*

RESPEKT
BIENVEILLANCE
PARTICIPATIOUN
INKLUSIOUN